



no de Wahle wierklech awer nach eng Kéier seriö misst féieren.

Här President, mir stëmmen dat heite Gesetz mat. Et féiert zu enger Demokratiséierung vun der Wahl, vun de Wahlen, a mer fannen et schonn och e bësse bizarre, datt et just eng Partei gëtt, an dobäi ass et déi gréissten a statsdroendst, zumindest an der Vergaangenheet, déi dat heiten net matdréit an déi sech domadder leider an onnéidegerweis isoléiert.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun an d'Wuert huet de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kënt mer jo net all Dag vir, dass ech dem Här Baum recht ginn, mä ech muss lech awer soen, dass et tatsächlech schued ass - schued ass! -, dass een, wann een un enger Modernisatioun vun onsen Institutionen zesumme wëllt schaffen, vun där gréisster Partei an dësem Parlament mierkt, dass do kee Wëllen ass, fir d'Institutionen ze moderniséieren. Ech fannen et schued!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Setzt lech mat eisen Argumenter auserneen, awer net mat pauschalen Aussoen!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech ginn och op d'Argumenter an, déi den Här Wiseler hei zitëiert huet.

Fait ass, Här President, dass et net fir d'Éischt ass, wou mer d'Wahlgesezt hei änneren. Et ass fir d'Zweet bannent e puer Méint. Deemools och schonn e Refus vun der gréisster Oppositionspartei, mat der Argumentatioun, dass d'Mandater vun de Gemengevertreieder manner laang wieren, obwuel den Text jo scho bekannt war; hei nach eng Kéier e Refus, fir dësen Text ze maachen!

Fir eis ass et wichteg, e ganz wichtige Text, well et geet drëms, eng sëllege Erneierungen an och Vereinfachungen am Fong an onsem Wahlgesezt kënnen ëmzesetzen. D'Wahlgesezt muss, an dat ass och ganz wichteg, all Detail, all Fro vum Oflaf vun onse Wahlen och beinhalten. Dat geet mat der Beschreiwung un, wéi eise Wahlsystem funktionéiert, mat all senge Prinzipien. Et fixéiert d'Etappen, wéi d'Wahlen am Virfeld preparéiert ginn. Et setzt fest, wie bei eis am Land dierf wiele goen, därerf gewielt ginn, wien am Endeffekt och gewielt ass, mä virun allem och, wéi gewielt gëtt, wat jo awer ganz wichteg ass.

An dass an engem Land d'Wahlen transparent, fair a virun allem demokratesch oflafen, ass vun enger essenzieller Wichtigkeet, ass d'Basis vun enger Demokratie, an d'Rechtssécherheet suergt och fir d'Vertraue vum Wieler an engem System, an dat ass och hei ganz wichteg.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mä e Wahlgesezt muss sech och kënnen adaptéieren an enger Entwécklung am Fong vu senger Gesellschaft och suivéieren. D'Méiglechkeet, fir an Zukunft de Vote par correspondance am Fong emol schonn iwwer eng sekuriséiert Internetsäit „myguichet.lu“ kënnen och unzefroen, ass schonn eng Vereinfachung iwwerhaupt, fir kënnen de Vott och unzefroen.

Am Moment ass et och wichteg, dass mer mat deenen neien Technologie schaffen an dass mer och déi Méiglechkeet ginn, dass een et esou kann ufroen, an och fir ënnert Lëtzebuerger, déi bei Europa fir den europäesche Resident oder bei Gemengewahle matwielen, dat dann esou ze maachen.

Direkt an deem Kontext wëll ech op déi fënnel Joer och agoen. Mir hunn eis einfach adaptéiert zum Nationalitéitengesetz, dat och déi doten Dispositioun virgesäit. A fir eis wor et och wichteg, well et wor eng Fro an där enger oder anerer Gemeng, wéi et misst interpretéiert ginn, ob ee se kéint zouloossen oder net. A fir eis ass et dofir wichteg, dass och fir d'Gemeengeresponsabel Kloerheet geschaf gëtt.

Mir erweideren de Vote par correspondance. Am Moment huet een eng Rëtsch, an Dir wësst, an de Mengen huet ee missen d'Delaie kucken, wivill Deeg virdrun dass een d'Lëscht kritt huet, d'Demande kritt huet. D'Leit hu misse justifiéieren, firwat se dann e Vote par correspondance géife froen. An dann

ass de Reesticket geschéckt ginn, d'Invitatioun, fir iergendzwoousch am Ausland ze sinn, oder et huet ee missen e Krankeschäi schécken. Dat heescht, et huet ee sech missen excuséieren, well een deen Dag net konnt normal viele goen an de Vote par correspondance gefrot huet.

Mä et soll een och net vergiessen, a mir gesinn et och bei deene leschten Europawahlen, dass bal 15% vun de Leit iwwerhaupt net viele ginn, weder par correspondance nach an de Wahlbüro ginn.

Mir sinn der Meinung, dass dat heiten elo net d'Solutioun ass, wou ee seet, elo wäerten déi 15%, déi iwwerhaupt net viele gaange sinn, muer viele goen. Dat wier eng Utopie. Mä mir sinn der Meinung, dass hautdesdaags 2018 een awer muss d'Méiglechkeet hunn, kënnen e Vote par correspondance ze froen, ouni musse bei den Dokter ze goen, eng Reesrechnung, en Ticket mussen eranzeschécken, fir kënnen ze wielen.

Hei héieren ech dann de Reproche: Jo, mä dann um Kichendesch wäert de Papp de Kanner an der Fra soen, wat se ze wielen hunn!

(Brouhaha général)

Här President, ech muss lech soen, dat ass net de Modell vun enger Famill, esou wéi ech mir en hei zu Lëtzebuerg virstellen!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Esou hunn ech et sécher net beschriwwen, Här Bettel!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech sinn net där Meinung, dass dat esou ass, dass dann op eng Kéier een duerch Drock géif gesot kréien, wat een ze stëmmen huet, virun allem, wou een hei da franséisch Philosophen zitëiert an a Frankräich carrement d'Procuratioun gëtt, wou ech engem ka soen: „Du kanns a mengem Numm stëmme goen an ech vertrauen dir, dass du am Fong dat stëmms, wat ech gären hätt, mä ech weess et awer net, well ech selwer net sur place sinn.“

Dat heescht, mir zitëiere Frankräich, mir zitëiere franséisch Philosophen, mä a Frankräich selwer kann ech am Fong mä Wahlrecht engem Frieme ginn. An ech muss do just bewiese kënnen, dass ech deen Dag einfach schreiwen, „sur l'honneur“, dass ech deen Dag net an der Gemeng sinn, wou ech wunnen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här Bettel, setzt lech och elo mat den Argumenter vum Conseil d'État auserneen, dee genau dat selwecht seet! Macht dat wann ech gelift a setzt lech mat den Argumenter auserneen!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - A wa mer dat heite maachen, Här President, ass et ganz einfach, dass mer der Meinung sinn, dass e Wahl...

Mir sinn einfach der Meinung, Här President, dass hei eng Modernisatioun ass vun engem Wahlgesezt.

(Coups de cloche de la présidence)

Mir sinn der Meinung, dass ee sech hei un d'Realitäten upasst. Et ass net un eis, ze wëssen, firwat deen een oder deen anere sech kann deplacéieren oder net wëllt deplacéieren oder eppes virgesinn huet deen Dag. Fir eis ass et wichteg, dass de Wieler ka wielen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dat ass d'Haaptbegrennung.

An dowéinst, d'Méiglechkeet, fir d'Brëifwahl méi ze generaliséieren, dat heescht, méi einfach opzemaachen, ass fir eis e richtege Schratt an dës Richtung.

A wéi gesot, ech brauch net méi op den Argumentaire, dee vum Här Bodry gemaach ginn ass, vum Här Baum gemaach ginn ass an och vum Här Gibéryen gemaach ginn ass, an och vum Här Berger gemaach ginn ass, dat heescht, vu jiddwerengem, an deen, mengen ech, och vum Här Adam, fir ze soen, et kann een awer net soen, dass déi iwwer 75 Joer guer net influencéiert géife ginn. Ech mengen, den Här Adam hat dat och gesot, guer net influencéiert ginn an dann déi aner influencéiert ginn.

(Brouhaha)

Hei gëtt nees probéiert, Här President, an dat ass dat, wat mer e bësse Suerge mécht, déi lescht Méint, Tendenz Ängscht, Ängschten de Leit ze ginn, dass mat deene Saachen d'Leit Ängschte kréien.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Also, Här Bettel, ech...

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, ech wier och frou gewiescht, wann iwwert d'Déficients visuels...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här Bettel, ech akzeptéieren déi Aart a Weis net, wéi hei disku-

téiert gëtt! Ech hätt gär, datt Dir géift op d'Argumenter agoen, wat net nëmme meng sinn, wat och aner Leit gesot hunn, wat de Conseil d'État gesot huet, anstatt déi Ennerstellungen do ze maachen, déi inakzeptabel sinn, Här Bettel!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, hei ass, ech sinn och ganz frou,...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat ass den Niveau vum Debat, deen Dir hei féiert!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ...dass hei et awer och endlech fäerdegbruecht ginn ass - wann ee sech Suerge mécht ëm d'Bierger an Ängschten huet, dass d'Liberté d'expression, dass de Secret net méi garantéiert ginn ass -, dass endlech Leit mat Déficiência visuelle och fräi kënnen stëmmen. Dat huet jo kee genéiert, hat ech d'Gefill virdrun, dass ee matgaangen ass. Haut hu mer duerch d'Schabloun och d'Méiglechkeet, dass déi Leit kënnen hire Choix selwer treffen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat huet jo och kee Mënsch contestéiert, Här Bettel.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Dat droe mir jo och mat.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - An den Här Gibéryen huet eng Fro gestallt, Här President. Jo, déi Schablounen, dat gëtt zesumme mat der Ediff iwwert den Education-nationales-Ministère gemaach an zesumme mam Institut pour déficients visuels, wou eng Campagne och wäert lancéiert ginn. Et gëtt gerechent, dass ongeféier eng 200 Leit concernéiert sinn, déi Leit d'Schabloun heemgeschéckt kréien, mä och all Büro wäert eng Schabloun hunn, à la disposition hunn, au cas où, wann de Malvoyant sech presentéiert an déi Schabloun vergiess hätt.

Dat ass eng grouss Evolutioun. Mir wëllen e Land hunn, dat barrierëfräi ass. An d'Demokratie virun allem, Här President, muss barrierëfräi sinn. A mir maachen hei eng Evolutioun an déi richtig Richtung. An duerfir sinn ech frou iwwert déi grouss Majoritéit, déi an dëser Chamber och wëllen Institutione moderniséieren a virun allem och eng Demokratie hunn, déi fir jiddwereen op ass.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Wiseler, parole après ministre.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Jo. Ech wëll awer just soen, datt ech mech wonneren iwwert d'Argumentatioun, well ech stellen nach ëmmer fest, datt och de Statsminister op déi Argumentatioun vum Conseil d'État, déi genau déiselwecht ass wéi déi, déi mir hei gefouert hunn, nach ëmmer keng Äntwerte ginn huet an net hei an deem, wat e gesot huet, deenen Argumentatione eppes entgéintgesat huet. An ech wiere mech och géint déi Aart a Weis, wéi hei eng politesch Debatt op engem Sujet gefouert gëtt, deen awer essenziell ass, an zwar d'Aart a Weis, wéi mer an der nächster Zäit wiele ginn.

Ech fannen d'Aart a Weis, wéi d'politesch Debatte gefouert ginn, ass am Fong net esou, wéi dat misst sinn. Hei ass e seriöe Sujet an e soll och seriö debattéiert ginn!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7118 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7118 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwuer: 37-mol Jo an 23-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7118 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

A mer kënnen direkt zum nächste Projet de loi iwwergoen, de Projet de loi 7191, e Kooperationsaccord tëschent der EU an Afghanistan. De Rapporteur, den Här Marc Angel, huet d'Wuert.

3. 7191 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération en matière de partenariat et de développement entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République islamique d'Afghanistan, d'autre part, fait à Munich, le 18 février 2017

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Här President, mat dësem Accord, dee mer mat Afghanistan ofschléissen, gëtt déi besteend Zesummenaarbecht tëschent der Europäescher Unioun, hire Memberlänner an Afghanistan formaliséiert. An dësen Accord, dat ass och eng Confirmatioun vun engem verstärkten, vun engem nohaltege politeschen an och ekonomeschen Engagement vun der Europäescher Unioun an hire Memberstate vis-à-vis vun Afghanistan, fir eben do an Afghanistan de Fridensprozess, d'Sécherheet vum Land an och d'Stabilitéit vun der Regioun, déi jo oft vu schlimme Krise betraff war a vu Kricher betraff war, ze verstärken an ze stabiliséieren.

Bei der Zesummenaarbecht mat Afghanistan gëtt den Accent op e regelméisseg Dialog geluecht. En Dialog, wou den Accent besonnesch och op Froe vu Fraen- a Kannerrechter geluecht gëtt. D'Mënschrechter an Afghanistan, dat wësst Der, hunn iwwert déi lescht Jorzéngte staark gelidden. An dofir, mengen ech, ass dee Punkt hei ganz wichteg.

Den Accord iwwerhëlt och déi standardpolitesch Klausel vum der Europäescher Unioun, wat d'Massevernichtungswaffen ubelaangt, vun der CPI, d'Cour pénale internationale. An den Accord promouvéiert och déi bilateral, regional an awer och international Zesummenaarbecht.

Aner Domäner, wou d'Relatioun solle verstärkt ginn, sinn niewent enger verstärkter wirtschaftlecher Kooperatioun, déi natierlech ganz uewe steet, och besonnesch d'Rechtsstaatlechkeet, d'Gesondheet, den Développement rural, d'Education, d'Wëssenschaft an d'Technologie. Wichteg, wann ee mat Afghanistan en Accord mécht, sinn awer natierlech och all déi Moosssname fir de Kampf géint d'Korruptioun, de Blanchiment, de Financement vun Terrorismus, déi organiséiert Kriminalitéit a besonnesch den Drogenhandel. Déi Froe mussen natierlech och behandelt ginn, wëssend besonnesch beim Drogenhandel, dass 90% vun der Produktioun vun Opium aus Afghanistan kënt an dass dat och eng vun den Ursaachen ass, déi am Fong déi legal ekonomesch Entwécklung an deem Land staark verhénnert.

Als Rappel: d'Europaparlament - eng kleng Remark: Et gëtt och en Artikel, ech mengen, et ass den Artikel 28, wou et ëm Migratiounsfroe geet; ech kommen herno drop zrëck. Dofir wollt ech awer ennersträichen, dass d'Europaparlament den 2. Oktober 2016 nach eng Kéier reaffirméiert huet, dass duerch dësen Accord an, wéi gesot, genau den Artikel 28, d'Recht fir all afghanesch Demandeurs d'asile, fir hei an Europa eng Demande fir hir Protection internationale ze stellen, an engem Memberstat net touchéiert ass duerch dësen Accord.

Mir hunn iwwerengs och nogefrot, Afghanistan steet hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer net op der Lëscht vun de Pays d'origine sûrs a wäert och net an der nächster Zukunft do dropkommen.

Déi wirtschaftlech Situatioun an Afghanistan ass trotz engem duerschnëttleche Wuesstum



vun 9,4% tëschent 2003 an 2014 alles, mä net gutt. Dee Wuesstum war duerch déi international Präsenz bedéngt. Déi ass jo staark zrëckgeschrauft gi säit 2014. An dofir hänkt déi Croissance och elo nëmme méi bei engem Prozent. Et gëtt e Chômagetaux vu 40%. An Dir wësst, et ginn nach ganz Géigenden, souguer Provënzen, wou de Sécherheetsproblem nach ganz grouss ass. An dat war näamlech och d'Ursaach, dass aus deem Land eleng 2015 267.000 Refugiéen an Europa komm sinn an hei opgehall gi sinn.

Dësen Accord, Här President, léif Kolleegen, formaliséiert also alles, wat an deene leschte Jore schonn tëschent der EU an Afghanistan geschitt ass. D'Europäesch Unioun ass de véierte Bailleur de fonds an Afghanistan. Säit 2002 huet d'Europäesch Unioun 3,66 Milliarden Euro fir Entwécklung an humanitär Hëllef an Afghanistan ausginn. Afghanistan ass also den Hauptbeneficiaire vun der europäescher Entwécklungszusummenaarbecht an der Hëllef an deem Kontext.

Dësen Accord ass en Accord mixte. D'Europaparlament huet den Accord ratifizéiert an en ass also och provisoersch säit dem 1. Dezember 2017 a Kraaft. An déi provisoersch Applikatioun concernéiert virun allem de Volet vum politeschen Dialog, d'Mënscherechter, d'Égalité Homme-Femme, d'Coopération développement an och d'Coopératioun an Handelsfroen.

Duerch dësen Accord gëtt och e Comité mixte agesat, dee chargéiert ass, fir de gudden Fonctionnement vun deem Accord ze assuréieren. An ech hat mer als Rapporteur d'Méi gemaach, e puermol um Internet nozekucken um Site vum Europaparlament. Do gesäit een och all Kéiers, wann eng Reunition vun deem Accord (veuillez lire: Comité) mixte war, wat do geschwat ginn ass a wat do festgehalen ginn ass. Dat gëtt ganz transparent geféiert. An ech mengen, et ass interessant, dat och hei eng Kéier ze ernimmen.

Den Accord ass ofgeschloss fir eng initial Period vun zéng Joer. E kann automatesch verlängert gi fir successiv Perioden all Kéiers vu fënnf Joer. Mir hunn den Accord en long et en large de 15. Januar an der Kommissioun mat de Beamte vum Ministère duerchdiskutéiert. De Statsrot huet näischt ze beanstande gehat.

Dofir ginn ech och heimadder elo den Accord vun der LSAP-Bänk an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet, wann de Rapporteur fäerdeg ass, d'Madamm Nancy Arendt.

Discussion générale

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech selbstverständlech dem Rapporteur Marc Angel villmools Merci soe fir säi schréfftlechen a säi gudden mëndlechen Rapport, esou wéi mer dat vun him ëmmer gewinnt sinn.

D'Geschicht vun Afghanistan ass eng tragesch Geschicht mat vill Leed, grad am mënschlechen Beräich. Dat gëllt net nëmmen, mä virun allem fir Fraen a Kanner, déi dacks dat schwaachst Glidd sinn an deem eigentlechen schéine Land.

Mat deem Accord tëschent der Europäescher Unioun an Afghanistan gi mer elo eigentlech nei Weeër, déi vun enger méi enger Partnerschaft an Entwécklungskooperatioun. An dat, an dat ass och fir d'CSV besonnesch wichteg, op Aenheicht mat den Afghane selwer. Grad dat huet och déi europäesch Héichkommissärin Federica Mogherini bei der Signature vun dëser éischter Vertragspartnerschaft mat Afghanistan richtegerweis ënnerstrach.

Kaum eng Populatioun wéi d'Männer, d'Fraen a virun allem d'Kanner aus Afghanistan hunn et méi verdéngt, fir no méi wéi 30 Joer Krich, dat ass méi wéi eng Generatioun, endlech erëm e bësse méi Rou, Sécherheet a vläicht eng Hoffnung op eng fräi Zukunft an hirem Land ze hunn. An dat ass iwwregens och am Interessé vun der Europäescher Unioun.

Mat deem Accord, deen den afghanesche Finanzminister Ekil Ahmad Hakim als een „vitale, neie Kader vun enger neier Partnerschaft“ mat sengem Land beziechent huet, gi mir eis effektiv eng Agenda bis 2024, fir konkret a virun allem nohalteg Resultater um schwéieren Terrain dohannen ze erreechen. D'Situatioun ass nach ëmmer séier wackleg an allen Hisiichten, an dat obschonns d'Europäesch Unioun haut schonns am Joer méi wéi eng Milliard Euro an Afghanistan investéiert huet. Kabul ass domadder de gréissten Eenzelempfänger vun der europäescher Entwécklungshëllef.

Mä, Här President, et geet net ëm Kabul, et geet ëm d'Mënschen a virun allem ëm Dausende vu Kanner a Fraen, grad am Zesummenhang vun Respekt vun de Mënscherechter - den Här Angel huet dat scho gesot -, déi jo

och, an dat gëtt dohannen dacks vergiess, Kanner- a Fraerechter sinn.

Grad d'Schoule fir d'Jongen an d'Meedercher, déi jo ënnert den Taliban keng Selbstverständlechkeet sinn, ginn heimadder geziilt geféiert, gradesou wéi d'Gläichberechtigung tëschent Mann a Fra, déi fest an deem Accord verankert sinn.

Weider Elementer vum Accord sinn d'Terrorbekämpfung, d'Lutte géint d'Korruptioun, d'organiséiert Kriminalitéit, d'Wäisswäsche vu Suen, den Drogenhandel an d'Drogeproduktioun, awer och d'Hëllef beim Opbau vu rechtsstaatlechen Strukturen an och eng gewësse Kooperatioun bei der Flüchtlingsthematik.

Fir eis ass et jo kloer, dat kee Flüchtling kann enzwousch zrëckgeschéckt ginn, wou et on-sécher ass. Mä et muss natierlech och méiglech sinn, fir déi Leit erëm heemzeschécken, wann hiert Land erëm sécher ass. An op déi Sécherheet hoffe mer alleguer, och wann et fir Afghanistan nach e wäite Wee ass.

Och a Saache Klimaschutz, Agrikultur, Gesondheet, Kultur an atomarer Sécherheet an Ofrüstung schaffe mir mat deem Ofkommen méi enk zesummen. Bilateral gesi gëtt et - an dat ass net dat mannst, wat ee ka soen - nach Sputt no uewen, fir eis Relatiounen mat Afghanistan auszubauen, well déi politesch Perspektive sinn dacks ganz enk vernetzt mat deene wirtschaftlechen. An dofir fanne mir, dat Europa, awer eben och Lëtzebuerg seng wirtschaftlech Zesummenaarbecht mat Kabul do och verdéiwe kann.

Wann et de Leit näamlech gutt geet, wann et méi nohaltege Wuesstum a méiglechst keng Aarmut méi gëtt - ëmmerhi gëllen 39% vun den Afghanen nach ëmmer als aarm -, da si se vill manner empfänglech fir den Extremismus vun den Taliban, vun IS oder vu wien och ëmmer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus all deene Grënn stëmmt d'CSV-Fraktioun fir dësen Accord an dës nei Approche am Émgang mat Afghanistan, an der Hoffnung, dat et grad mat dëser neier Approche vun engem regelméissegem Dialog deem Land a virun allem senge Leit och wierklech besser geet. A mir leeën domadder de Grondsteen fir eng nei, nohalteg Frëndschaft, wéi den Här Hakim et gesot huet. Dorop kënnen mer alleguer opbauen.

An ech gi selbstverständlech dann och haut hei den Accord vun der CSV-Fraktioun. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt wahrscheinlech kaum e Land, wat esou vill Problemer huet wéi Afghanistan. Och no dem Coup d'État vun 1973, wéi Afghanistan jo eng islamesch Republik ginn ass, ass et net méi roueg ginn. Du koud och déi sowjetesch Okkupatioun, un déi ee sech jo och nach ganz gutt kann erënneren, an de Regime vun den Taliban, deen hei schonn ugesprach ginn ass.

Ech mengen, weinst all deem Leed, wat iwwert dat Vollek do komm ass, ass et och gutt, dat d'Europäesch Unioun sech mat deem Land méi am Detail auseruesetzt.

Ech mengen, och haut si leider nach ëmmer Konflikter un der Dagesuerdnung. Besonnesch déi lescht Zäit hu mer ganz vill vun Attentater héieren. Ech erënneren un den 20. Januar, wou en Attentat op den Hotel Intercontinental war. Ech erënneren och drun, datt elo och nach kierzlech en Attentat war mat iwwer 103 Mënschen (veuillez lire: Affer). An net méi spéit wéi virgëschter huet erëm eng Bomme ganz vill mënschlecht Leed mat sech bruecht. Dat beweist also, dat eng ganz grouss Instabilitéit an deem Land ass.

Ech mengen, et ass evident, dat d'Europäesch Unioun, déi och eng aktiv Ausseepolitik muss maachen, och grad an deem dote Beräich muss handelen, virun allem och an där Regioun. Duerfir begreisse mir deen Accord, deen hei ënnerschrifft gëtt, virun allem well eben den Akzent op d'Mënscherechter gesat gëtt, awer och op vill aner wichteg Domänen vun der Politik, wat ouni Zweifel eng gutt Saach ass. D'Situatioun vun der Fra ass hei schonn ugeschnidde ginn. Och do gëtt et ganz groussen Nohuelbedarf an och do, mengen ech, kënnen mir awer als Beispill dëngen.

Ech wëll virun allem och nach op de Volet Migratioun hiweisen. De Marc Angel, deem ech Merci soe fir säi Rapport, dee schréfftlechen a mëndlechen, ass och schonn drop agaangen. Och Lëtzebuerg ass jo vun der Problematik vun der Migratioun aus Afghanistan betraff. Ech erënneren drun, datt mer zum Beispill 2015 hei 218 Demandé vun Afghane kruten. An 2017

waren et der zwar „nëmmen“ - zwësche Guillemeten - 34. Mä dat beweist awer, datt och eng gewëssen Demande aus deem Land do ass, fir hei op Lëtzebuerg ze kommen.

Et soll ee sech allerdéngs natierlech kengen Illusiounen higinn. Mir wëssen, datt déi ganz grouss Konflikter, déi an deem Land do sinn, mat Sécherheet vun haut op muer net wäerte kënnen geléist ginn, mä et ass awer wichteg, wéi gesot nach eng Kéier, datt d'Europäesch Unioun do ganz aktiv ass. Virun allem: Et ass e Land mat enger räicher Kultur, mat enger flotter Landschaft. An et wier schued, wann d'Land keng Zukunft hätt.

An an deem Sënn wäert d'Demokratesch Partei selbstverständlech deem Gesetz zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Grad wéi meng Virriedner och begreisse mir et prinzipiell, datt et zu engem Partnerschafts- an Handelsaccord mat Afghanistan koud, dee jo och schonn zanter dem 1. Dezember 2017 provisoersch applizéiert gëtt.

Dësen Accord bréngt zumindest den Uschäin, wéi wa mer et mat engem Land ze dinn hätten, wou eng gewëssen Normalitéit den Alldag géif bestëmmen. Et liest sech gutt, datt mer niewent der Kooperatioun, wat den Handel an d'Investisementer betrëfft, den Dialog iwwert d'Servicer, der Zirkulatioun vum Kapital, och e regelméisseg politeschen Dialog féieren iwwert d'Mënscherechter, iwwert d'Gläichberechtigung vun de Geschlechter, iwwert d'Erhale vum Friden an iwwert d'Zesummeschaffe géint den Terrorismus.

Dat léisst e bësse vergiessen, datt mer et mat engem Land ze dinn hunn, wat praktesch zënter 1978, also menger Rechnung no scho 40 Joer, am Krichszoustand ass. Dat léisst vergiessen, datt et haut guer net méi evident ass, ëm wat et iwwerhaupt nach geet beim Krich an Afghanistan an datt mer haut genausou wäit ewech vun engem Fridenzoustand si wéi zéng Joer virdrun. All Efforten, fir dat Land wirtschaftlech opzebauen, ginn ëmmer erëm duerch Attentater, Korruptioun, Terror an Aarmut ënnergruween.

Ech wëll hei net op d'Diskussioun agoen, wéi sécher déi sougenannte relativ sécher Zonen an Afghanistan sinn. Ech wëll och net weider betounen, datt praktesch all Versich, den Drogenhandel an den Ubau vum Opium endlech do an de Grëff ze kréien, gescheitert sinn, well och haut nach gëtt 80% vum Opium, dee weltwäit ugebaut gëtt, an Afghanistan ugebaut. An domat gëtt den Terror vun den Taliban finanzéiert, awer och d'Iwwerliewe vun esou munche Bauere garantéiert.

Aus Mangel u konstruktiven Alternativen, awer och aus der Erkenntnis, datt et kee Wee gëtt, dee laanscht eng politesch an ekonomesch Kooperatioun geet, datt et schlussendlech just kann iwwert d'Entwécklung vum Handel an der Wirtschaft zu engem friddlechen Zesummeliewe kommen, wéi ech dem Rapporteur Merci soen an den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus dem Här Angel e grouse Merci. Ech wëll vläicht zwou Iwwerleeungen zu deem Accord maachen. Déi éischt ass, ech mengen, d'Virriedner hunn d'Situatioun an Afghanistan beschriwwen. Do ass net vill derbäizesoen. Et ass keen Accord, dee fir eis vun enger grousser ekonomescher Wichtegkeet ass. Mir si schonn hei zimlech wäit am Beräich vun der Symbolpolitik. Déi Aspekter, déi fir eis wichteg sinn, dat ass wahrscheinlech Drogen an illegal Immigratioun; do, wou Lëtzebuerg méi direkt be-traff ass.

Mä mir kënnen dat matstëmmen. Et ass elo net, well mer wëssen, wéi schwierig d'Situatioun an Afghanistan ass, datt u sech déi Regierung praktesch kee Pouvoir huet, datt d'Sécherheet net garantéiert ass. Et sinn net déi Iwwerleeungen, déi awer alleguer realistesch a richtig sinn, déi eis sollten dervun ofhalen, fir awer dee Geste hei ze maachen.

Ech wëll awer vun deem Accord profitéieren, dee mer haut hei diskutéieren, fir eng aner Fro ze stellen iwwert den Handelsvertrag allgemeng. Hei diskutéiere mer iwwer e Vertrag, deen, wéi gesot, fir eis elo net primordial wichtig ass, wou d'Europäesch Kommissioun dann och d'Compétence mixte zrëckbehalen huet. Dat ass net ëmmer de Fall.

An ech wëll vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir d'Fro iwwert den CETA ze stellen. Déi Diskussioun ass e bëssen am Sand verlaft. Natierlech, mir sinn elo an enger Virwahlkampfzäit, mä d'Fro ass gestallt: Kréie mer als Lëtzeburger Parlament nach iergendeng Kéier d'Geleeënheet, fir iwwert den CETA-Vertrag ze diskutéieren?

Deen Dag nom Brexit huet d'Europäesch Kommissioun gesot: „Dat ass eng Compétence exclusive vun der Europäescher Unioun.“ Fënnf Länner vun deenen 28, wann ech mech gutt erënneren - no Kroatien an Eenzelner, Malta an Zypern -, déi hunn e ratifizéiert. All déi aner net! Kritt d'Lëtzeburger Parlament nach eng Kéier d'Geleeënheet virun de Wahlen, iwwert den CETA-Accord ze diskutéieren, eventuell ze ratifizéieren, oder net? Well dat ass en Accord, dee fir eis wierklech wichteg ass.

(Interruption)

Jo, ech stelle meng Froen an da kënnen mer ganz gär do an d'Diskussioun eragoen.

D'Gefill, wat een huet duerch déi europäesch Politik bei deenen doten Accorden, ass, datt d'Nationalstaten dann entmuecht ginn an och déi national Parlamenten dann entmuecht ginn, wann ebe mat politeschem Widerstand muss gerechent ginn. Dohier jo och déi Interpretatioun vun der Compétence exclusive.

An ech wëll och vläicht nach eng zweet Bemierkung hei maachen. Ech hunn an deene leschten Deeg a Woche vill héieren, datt gesot ginn ass, de Reproche gemaach ginn ass, dës Regierung géif sech net genuch fir Lëtzeburger Interesse bei Europa asetzen. Dir hutt wéi ech dee Reproche héieren, dee vun enger Europaparlamentarierin formuléiert gouf.

Mä ech trauen och, muss ech soen, der CSV an dëser Debat net, well déiselwecht Europadeputéiert, déi huet, wéi d'Wallounen - dat sinn 3,5 Milliounen - sech géint CETA opposéiert haten, gesot: „Et ass bal net ze gleewen, 3,5 Milliounen Wallounen decidéieren den Ament iwwert d'Schicksal vu 500 Milliounen Europäer an der Handelspolitik. Dat ass esou, wéi wann de Gemengerot vun Esch kéint e Veto aleee géint e Gesetz, wat d'Regierung op den Dësch geluecht hätt.“

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech mengen, och der CSV kann een dann net trauen. Ech gleewen net, datt d'CSV sech géif méi asetze fir Lëtzeburger national Interesse géint iwwer den europäeschen Institutionen, wann een dat dote gesäit. D'Fro ass also gestallt. An ech wär frou, fir eng Äntwert vun der Regierung ze kréien.

Villmools Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

(Interruption par M. Marc Angel)

Jo? Här Angel.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Dat ass iwwer en Accord iwwer Afghanistan!

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Ech wollt den Här Kartheiser just drun erënneren - hien huet jo elo hei iwwer vill Émweeër de CETA an d'Gespréich bruecht -, dass mer als Chamber hei eng Motioun gestëmmt hunn iwwert de CETA, wou mer gesot hunn, mer géifen all déi Clarifications juridiques ofwaarden. Dat wallounescht Parlament huet jo nach Konditiounen gesat, wou och d'Cour européenne de justice elo nach muss Avisen ofginn.

A mir waarden of als Lëtzeburger Parlament, bis all déi Avisen do sinn. An da si mer nees prett, déi Diskussioun weiderzeféieren. Mir hunn dat hei en long et en large diskutéiert.

An ech froen den Här Kartheiser och, ob e sech drun erënnert, dass mer eis hee unanime, egal u wéi enge Bänke mer waren, ëmmer staark-gemaach hunn, an d'Regierung eis och doranner ënnerstëtzt huet, dass mer gesot hunn: „Wann Handelsaccorde gemaach ginn, dann hätte mer gär, dass et Accord-mixt sinn, dass déi national Parlamenten kënnen matbestëmmen.“ Mir haten d'Madamm Malmström hei a mir hunn dat ëmmer ënnerstrach.

Ech wollt lech just... Ech hoffen, dass Der lech dorunner erënnert. Ech si bal sécher.

Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Ganz kuerz, well den Här Angel mer eng Fro gestallt huet. Ech leiden net un Amnesie. Ech weess dat. Mä meng Fro un d'Re-



gierung ass: Wëllt d'Regierung d'Chamber nach virun de Wale mat engem Projet de loi iwwert den CETA saiséieren? Dat ass, mengen ech, eng einfach Fro. An ech mengen, d'Regierung sollt dozou Stellung kënnen huelen.

Ech soen Iech Merci.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, an de Missioun vum Chamberspräsident ass de Recentrage vun den Debatten, ëm wat et eigentlech geet. An hei geet et eigentlech ëm en Accord mat Afghanistan.

(Brouhaha)

Voilà! Dir hutt all Méiglechkeeten, fir dat an engem anere Beräich opzewerfen.

Dann huet den Här David Wagner d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Jo, Merci, Här President. Mir musse soen, datt mer awer relativ skeptesch sinn, wat deen Accord tëschent der EU an Afghanistan ugeet. A mir wäerten eis och enthalten. An ech wollt awer heimadder och eis Enthalung e bësse begrënnen.

Et sinn zwar e puer gutt Saachen dra mentionnéiert, wat d'Zivillgesellschaft ugeet, wat d'Fraerechter ugeet, wat eng ganz Rei vu Mënscherechter ugeet innerhalb vun dësem Accord, déi een natierlech nëmme ka begrëssen, well et ass jiddweree fir Fraerechter, et ass jiddweree fir Mënscherechter. An ech mengen, dat ass jo och net de Problem, dee mir mat dësem Accord hunn, quitte datt ee sech d'Fro muss stellen, awéieren en d'grausam Realitéit um Terrain kann erëm pigelen, déi sech jo duerch Biergerkrich, fir net ze soe Krich zënter Joren auszeechent. Mä dat soll emol net onbedéngt dee grëssere Problem sinn.

Et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob déi Elementer innerhalb vum Accord net als eng Aart Feigenblatt sollen dëngen, fir aner Elementer innerhalb vum Accord kënnen ze justifiéieren. Also, mir gehéieren net zu deenen, déi esou naiv sinn, ze mengen, datt, wann d'EU oder aner westlech Entitéiten behaupten, si wëllen erëm eng Kéier mat gewëssene Länner Kooperatiounsaccord maachen oder e schéinen Handelsaccord maache mat Länner, déi äusserst ënnerentwéckelt sinn oder am Krich sinn, datt dat ëmmer, esou wéi d'Amerikaner behaupten, fir „Freedom“ an „Democracy“ wier, mä datt heiansdo aner Interessen derhandelt. Ech mengen, et muss een net ëmmer esou naiv sinn.

D'Fro stellt sech jo och nach bei der Situatioun, wéi se zurzäit ass, awéieren och d'Regierung zu Kabul iwwerhaapt nach iergendeng Form vu Legitimitéit huet oder Unerkennung huet innerhalb vun der Bevëlkerung. Do muss ee wierklech laang driwwer diskutéieren. Eng Regierung, déi ongeféier d'Halschent vum Land kontrolléiert an u sech nach ëmmer manner kontrolléiert a wou déi lescht Parlamentswahlen, mengen ech, 2010 stattfonnt hunn.

An ob och net Géigner... Also, ech positionéiere mech elo net fir oder als Pro- oder Anti-Kabul - dat ass elo eng ganz komplizéiert Fro -, mä ob innerhalb vun deem Konflikt och net d'Regierung nach u sech ka virgeworf kréien, well et ass e geopolitische Konflikt, mir wëssen dat, méi prowetlech ze sinn, wat aner kann zu Fudder dëngen, fir weider Attacken ze maachen.

Bon, ob dat net u sech nach méi Problemer kéint schafen, dat si Froen, déi mir och opwerfen. Mir wëssen net onbedéngt, ob dat net weider Problemer kéint an dëser Situatioun opwerfen.

Mä ech hat vun Deelaspekter vum Accord geschwat, wou mer méi Problemer hunn. An do wollt ech awer och zum Beispill dovunner schwätzen an aus dem Artikel 37 zitieren, wou awer drasteet: «(...) les parties coopèrent en vue de créer un environnement transparent propice aux investissements directs étrangers, en particulier dans le secteur minier.» An et geet och weider: «À la demande de l'une des parties, toute question concernant le commerce des ressources naturelles peut être posée et examinée au cours des réunions du comité mixte», vun deem och de Rapporteur geschwat huet.

Ech mengen, et gëtt och esou Aspekter, wirtschaftlech Aspekter, an och Aspekter, déi awer trotzdeem - ech weess net, wat den ekonomesche Point ass, mä trotzdeem - kënnen vläicht iwwerweie par rapport zu deene schéine Parolen iwwert Demokratie a Mënscherechter. Dofir si mir relativ skeptesch.

An ech wollt awer weiderhin zur Situatioun an Afghanistan schwätzen. Et ass schonn e bësse

gesot ginn. Also, mir hunn elo eng Situatioun zënter 17 Joer, déi katastrofal ass. An ech mengen, et kann ee weiderhi soen, datt den Agrëff vun Amerikaner, d'NATO an déi ganz Operatioun an Afghanistan en Echec sinn an u sech d'Situatioun nach nëmme verschäerfen. Et ka kee mir soen... Also, d'Leit, déi deemools gebuer si ginn, wéi et no 2001 ugefaangen huet, déi sinn elo gläich volljäreg. Déi hu soss näischt matkritt.

Ech mengen, mir haten 3.900 Doudeger an iwwer 7.000 Blesséierter laut UNO. An déi Zuele si bestëmmt nach méi héich, well d'UNO-Observateuren net iwwerall hikommen. 42% dovunner Fraen a Kanner. An dat sinn och Leit, déi stierwen, nodeems och d'Amerikaner oder d'NATO bombardéiert hunn. An ech weess net, ob si dat als Dommage collatéral ugesinn, mä, ech mengen, d'Zivillbevölkerung gesäit dat och als terroristesch Attacken. Ech mengen, «ils sont entre le marteau et l'enclume». An dat ass e reelle Problem, mat deem mer do konfrontéiert sinn.

Ech wollt nach ofschléisse mat engem Diplomat, deen zu Kabul ass, an deen zitieren: «Les États-Unis utilisent pour leurs attaques aériennes leurs plus grands bombardiers, les B52, et les talibans remplissent des ambulances avec des explosifs. Si ça continue, nous atteindrons de nouveaux records en 2018 en termes de victimes parmi la population civile.» Bon, ech mengen, et däreif een net vergiessen, datt déi ganz Operatioun bis elo u sech gescheitert ass.

An dofir wäerte mir eis och enthalten, well mer net mengen, datt deen heiten Accord wierklech deenen Objektiv vu Mënscherechter gerecht gëtt.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Kooperatiounsminister a Verriedung vum zoustännegen Ausseminister.

Prise de position du Gouvernement.

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Merci, Här President. Ech géif och vun dëser Plaz fir d'Éischt den Ausseminister entschëllegen, dee leider duerch eng Auslandsrees net kann de Mëtteg hei sinn. En huet mech gebieden, dëse Projet an déi zwee nächst Projekte mat ze begleeden.

Ech wëll dofir dem Rapporteur am Numm vun der Regierung hei Merci soe fir dee flotte Rapport. En huet eigentlech de ganzen Accord erkläert an och gesot, wat d'Schwéierpunker doräus sinn. Ech mengen, d'Wichtigkeet, d'Situatioun vun Afghanistan, déi sech zwar verbessert huet, mä natierlech nach ëmmer schlecht ass, haut nach eng Kéier ze rappeléieren, ass aus deenen eenzelne Rieden och ganz kloer hei ervirgaangen.

Merci och der Kommissioun, déi ganz effikass an dësem Beräich geschafft huet. An ech mengen, wéi scho gesot, dësen Accord gëtt effektiv en éischte legale Kader, fir all dat, wat virgesinn ass, och kënnen tëschent der EU an de Memberstaaten zesumme mat Afghanistan ze formaliséieren.

Et ass awer och wichteg, mengen ech, ze soen, datt et awer och en dauerhaften Engagement vun der EU ass, deen d'EU jo grad och bei der Konferenz zu Bréissel am Oktober 2016 ofgeschloss huet, do, wou se sech dauerhaft engagéiert huet, fir iwwert déi nächst Jore virun allem och Afghanistan ze ënnerstëtzen.

An ech mengen, virun allem och déi laang Lëscht vun Detailer, déi mer hei erëmfannen, virun allem an deene ganze Beräicher vun deenen eenzelnen Domänen - an ech mengen, et goufen der eng Rei hei zitiert: d'Consolidatioun vum Rechtsstat souwéi d'Beräicher Développement, Handel, Investissement, Justiz, Fräiheet a Sécherheet -, si wichteg Facteuren heiranner. An dee ganzen Accord deckt jo och eben de Beräich vun der Migratioun op der Basis vum Migratiounsaccord of. An och dat, mengen ech, ass ee guddé Fait, datt mer dat an dësem Accord kënnen eriwerginn.

Dann, Här President, hunn ech awer och d'Chance, als Kooperatiounsminister vläicht e puer Wieder hei ze soen, well grad an dësem Beräich an Afghanistan d'Kooperatiouns- an d'Entwécklungspolitik eng ganz Rei vu wichtige Efforte gemaach huet zënter 2001. An ech hu mer eng Kéier séier erausschreiwe gelooss, datt vun 2001 bis 2017 42,6 Milliounen Euro un Entwécklungs- an humanitär Hëllef an Afghanistan gaange sinn.

Dat sinn eng Kéier e bësse méi wéi 19 Milliounen, déi an déi ganz Protektioun an den Accueil vun déplacéierte Persounen gongen, 7,2 Milliounen a ganz wichteg Santéprojeten. Derniewent och 7,8 Milliounen nach an d'Rekonstruktioun, och dat ass e wichtige Facteur,

an iwwer 3 Milliounen a Projekte vun der Landwirtschaft, niewent 5 Milliounen, déi an de Beräich vun der grenziwwerschreidender Entwécklung ginn.

Dir gesitt also, Lëtzebuerg huet zënter 2001 och Efforte gemaach, fir Afghanistan ze hëllefen. An dësen Accord gëtt der EU an hire Memberstaaten d'Méiglechkeet, dat och dauerhaft kënnen ëmzesetzen. An deem Sënn soen ech Merci fir dee breeden Accord an der Chamber hei fir dëse Gesetzesprojekt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet de loi 7191 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7191 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounsstëmmen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer: 58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 7191 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marcel Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Eugène Berger), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Jo, soss ginn ech mer d'Äntwert selwer. Merci villmools.

(Brouhaha et hilarité)

Domat kënnen mer zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 7193. A wéi mer dat de Mëtten nach e puer mol wäerte gesinn, ass de Rapporteur den honorabelen Här Marc Angel. An e seet eis, ëm wat et geet.

4. 7193 - Projet de loi portant approbation de l'Accord instituant la Fondation internationale UE-ALC, signé à Saint-Domingue, le 25 octobre 2016

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Jo, Här President, et geet ëm en Accord fir d'Arrichte vun enger internationaler Fondatioun tëschent der Europäescher Unioun an der ALC. D'ALC, dat sinn d'Länner aus Latäinamerika an der Karibik. Duerch déi historesch staark Relatiounen um kulturellen, sozialen, mënschlechen awer och um ekonomesche Plang ënnerhalen d'Europäesch Unioun an hir Memberlänner säit ganz Laangem mat de Länner aus Latäinamerika an aus der Karibik privilegéiert Relatiounen, déi zum Gléck hautdesdaags op géigesäitegt Vertrauen opgebaut sinn. An um internationale Plang schaffe mer och vill mat deene Länner zesummen.

Säit 1999 sinn d'Partner duerch e Partenariat stratégique birégional matenee verbonnen, e Partenariat, dat am Laf vun de Joren ëmmer verstärkt gouf. E wichtige Moment war dunn d'Joer 2010, wou d'CELAC kreéiert ginn ass. Dat ass d'Communauté d'États latino-américains et des Caraïbes, eng regional politesch Plattform, déi 33 State regroupéiert an, ech mengen, iwwer 600 Milliounen Mënsche representéiert.

D'CELAC gouf also dunn déi offiziell Contrepartie vun der Europäescher Unioun. An an dësem

biregionale Partenariat ass d'CELAC haut en indispensable Partner vun der Europäescher Unioun am Kader vun der europäescher Ausen-, awer och am Kader vun der europäescher Sécherheetspolitik. 2010, ulässlech vun dem 6. Sommet UE-ALC zu Madrid, ass decidéiert ginn, eng Fondatioun ze grënne mam Zil, d'Partenariat an de politeschen Dialog nach ze verstärken.

Um Rand vun dësem Sommet hunn d'Ministren dunn och e Mandat ugeholl, dass eng Fondatioun soll op d'Bee gestallt ginn, déi am Fong eng international Organisation soll ginn an déi um intergouvernementalen Niveau schaffe soll.

2011 gouf dann esou eng provisoresch Fondation UE-ALC gegrënnt mat Sëtz zu Hamburg an déi transitoire Fondatioun gëtt och natierlech automatesch elo, wann déi nei Fondatioun bis do ass, opgeléist.

Den Accord, iwwert dee mer haut ofstëmmen, seet, dass déi Fondatioun aus engem Conseil des gouverneurs, aus engem Président an aus engem Directeur exécutif besteet. Am Conseil des gouverneurs gëtt Lëtzebuerg duerch säin Ausseminister op deene ministerielle Reunionen vertratt a vum Directeur politique oder engem anere Beamten um Niveau vun de Reunionen um Beamtenniveau.

D'Fondatioun gëtt duerch hir Membere finanziert op volontäirer Basis. De ganzen Accord besteet aus 30 Artikelen. Mir kruten deen Accord en long et en large de 15. Januar 2015 an der Kommissioun virgestallt. D'Fondatioun, déi soll am Fong déi Prioritéiten transposéieren, déi all zwee Joer op engem Gipfeltreffe vun der Europäescher Unioun mat der CELAC festgehal ginn. A se soll déi Prioritéiten a konkret Projekten transposéieren.

An der Kommissioun vum 15. Januar hu mer, wéi gesot, déi 30 Artikele gekuckt, mer hunn awer och iwwert d'Participation financière diskutéiert. Do si mer du gewuer ginn, dass Lëtzebuerg 2012 e Bäitrag vu 15.000 Euro an déi Fondatioun geschéckt huet. A wann een d'Fiche financière gesäit, da gesäit een och, dass Lëtzebuerg do ka bäileeën, mä dat si keng héich Montanten.

Déi däitsch Regierung investéiert vill an déi Fondatioun. De Siège bleift och zu Hamburg. Si huet d'ganz Lokalitéiten, iwwerhëlt do ganz vill Fraisen, ass ee vun den Haaptgeldgeber vun där Fondatioun.

Ech mengen, ech hätt elo genuch dozou gesot. D'Detailer kënn Der nach am schrëfliche Rapport noliessen. Op jidde Fall kann ech hei ofschléissen, andeems ech den Accord vu menger Fraktioun ginn.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► Une voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet d'Madamm Nancy Arendt.

Discussion générale

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Jo, Merci, Här President. Dës Fondatioun, den Här Angel huet et scho gesot, vereent d'Länner aus der Europäescher Unioun, déi aus Südamerika an déi aus der Karibik. An et soll hei zu enger méi enger Partnerschaft kommen, zu enger méi grousser Visibilitéit, regionale Programmer, besseren Echangingen, an dat zesumme mat net staatlechen Akteuren aus der Zivillgesellschaft.

Dat Ganzt, esou heescht et, resultatorientéiert. An ech mengen, dat ass eppes, wat fir d'CSV extrem wichteg ass, well esou eng Stëftung däreif eigentlech ni e politeschen Alibi sinn, mä villméi en Instrument fir den Austausch an de Beräicher vun der Wirtschaft, vun der Forschung a virun allem vu Best Practices.

Aus all deene Grënn stëmmt d'CSV fir dësen Accord. An ech wëll dem Här Angel awer nach villmools Merci soen - erëm -, fir säin exzellente Rapport, wéi en dat ëmmer mécht.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Gusty Graas krit d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass erëm e wesentlech Stéck europäesch Aussepolitik. Ech mengen, mir hu ganz gutt Relatiounen mat de latäinamerikaneschen Länner, och mat de Länner aus der Karibik.

Ech maachen et elo net wéi den Här Kartheiser virdrun. Ech stellen elo keng Fro iwwert de Mercosur, well dat géif natierlech d'Lëtzeburger Landwirtschaft besonnesch interesséieren. Dat ass en äänlechen Accord, deen och an der Ausaarbechtung ass, mä dat gehéiert net direkt zu dësem Projet, duerfir wäert ech och weider net méi dorobber agoen. Ech versichen nach eng Kéier kuerz dann op de Projet hei zrëckzekommen.